Op engem fräschem awer sonnege Samsdegmoien, dem 15. März 2025, ware ronn 40 Leit dem Opruff vun der Ëmwelt- a Mobilitéitskommissioun nokomm an hu nët manner wi 20 Tuten Dreck laanscht d'Stroosse vun der Gemeng gesammelt. Den Dag virdru waren d'Kanner aus der Spill- a Primärschull schons ennerwee.

Opgefall sinn déi vill Béchsen an Zigrettestëmp, awer och nach e sëllege Pabeierstécker direkt virun der Sportshal zu Bettenduerf. D'Staatsstroosse goufe wéinst dem villen Traffic awer nët gemaach, well do läit dee meeschten Dreck, awer do ass de P&Ch gefrot ginn.

D'Leit denken einfach nët méi iwver d'Konsequenze vun hirem Handele no, sou déi eestëmmeg Meenung vun de Botzerten. An dacks ginn d'Leit frech, wann een eppes seet.

Flott ass et awer ze gesin, dass d'Léierpersonal de Kanner d'Gefill fir hir Ëmwelt ze schütze, vu Klengem u mat op de Wee gin.

Als Belounung gouf et eng Portioun Nuddelen an eng Schockelasmousse an der Buvette vun der Bettenduerfer Sportshal.

- Joé Leyder

VIRBEREEDUNG OP D'COUPE SCOLAIRE

Zu Gilsdref haten d'Kanner aus dem 5. a 6. Schouljoer d'Geleeënheet, hir Technik am Mountainbike fir d'Coupe scolaire ze verbessern. De Velo Club Dikrich hat dem Léierpersonal virgeschlo, e ganze Nomëtteg vum Jempy Drucker, Mika Fonck, Brian Nugent a Frank Schleck vun der Velosfederatioun FSCL gewisen ze kréien, wéi ee bremst oder d'Iwwersetzung gebraucht, fir gutt op d'Coupe scolaire virbereed ze sin. Ronn 60 Kanner kruten als Souvenir e Bidon vun der Regional Ekipp an hu bei bloëm Himmel am Schoulhaff zu Gilsdref zwou léierräich Stonne verbruecht.

Et soll dëst awer nët di eenzeg Aktivitéit sinn, aner Primärschoule kënnen sech gäre bei vcdiekirch@gmail.com melle, fir och hir Kanner op de Stroosseverkéier virzubereeden. Training ass fir Kanner vu 7-12 Jar all Dënsdig vu 15h15 bis 16h15 an der Cité Hannert Zengen zu Bettenduerf wann d'Wieder et erlaabt.



INFO OP DER EMAIL-
ADRESS VUM VCD ODER
OP DE SOZIALE MEDIEN
@VCDIEKIRCH



CHERRY CUP 2025

Samschdes, den 28. Juni, huet de Bettendrefer Danzsportclub (DSB), ennerstëtzt vum Dikrecher Hobbydanzclub CLUB4DANCE, een Danz Event organiséiert, deen an der Lëtzebuenger Kultur- a Sportlandschaft ongewéinlech ass: ee Standarddanzturnéier, bei deem ongeféier 56 Dänzer aus véier Nopeschlänner virun engem begeeschterte Publikum vu méi wéi 100 Leit zesummekomm sinn. Trotz den héije Sommertemperaturen hu bal véier Stonne laang Standarddanzturnéier a verschidde Niveauen an Alterskategorie stattfonnt. Den Héichpunkt vum Dag war awer de 55+ Masters-Concours, mat 22 Koppelen, dorënner d'Organisateuren, ennerstëtzt vun enger idealer musikalescher Auswiel, déi souwuel d'Dänzer wéi och d'Publikum begeeschtert huet. D'Publikum gouf och vun der gutt trainéierter Cherry Cup-Equipe verwinnt. Fir dës Geleeënheet gouf de Bettendrefer Sportszentrum dank de fläissege Fanger vun de reegelméisseg an erfuerene Dekorateuren vun der Equipe an e richteg Festsall ëmgewandelt. Ee Panel vu fënnf internationale Jurysmembere (B, D, F, NL) ass dem Opruff nokomm, des international Competitioun ze wäerten.

Dëse formidablen Tournoi gouf mat Humor a grousser Expertise um Mikro op Däitsch a Franséisch moderéiert.

An d'Aarbecht vum DSB geet weiter: zënter dem Ufank vum Schouljoer bitt eise Club Standard- a Latäindanzcoursen fir Ufänger zu Bettendref un. Eng richteg Erausforderung, déi mat der Participatioun vu 14 Koppelen belount gouf. D'Adventure geet weiter...

- Francine Leboutte Adam (DSB Danzsportclub Bettendref)

NORDSTADJUGEND

Wat ass de « Regionale Jugendservice » von der Nordstadjugend?

Wéi Dir vläit wësst, leescht d'Nordstadjugend, och bekannt ënnert dem Kierzel „Noju“, zanter 2007 op regionalem Niveau Jugendarbecht. Nieft de Gemengen Dikrech, Ettelbréck a Bissen, wou och eis dräi Jugendhaiser ze fanne sinn, betreie mir och nach 12 weider Gemengen, wéi ënner anerem Bettenduerf.

D'Zil vum „regionale Jugendservice“ ass et, nieft den ugebuedenen Aktivitéiten, déi Jonk am Alter vun 11 bis 26 Joer ze erreechen andeems hinnen en oppent Ouer gebueden oder/an hinne bei aldeegleche Problematike gehollef an zur Säit gestaane gött.

Dës Weidere bidde mir, nieft villen anere Projeten, och den noju@school un, wou mir geziilt an de Klasse vum Cycle 4.2 verschidde Workshops ubidden, wéi zum Beispill „Teambuilding“ oder „Be Happy“.

Mir si reegelméisseg an denger Gemeng
ënnerwee a sinn do fir all déi Jonk
tëscht 12 a 26 Joer. Esou kanns du eis
erreechen:

Shelly Trausch
Tel.: +352 691 80 91 46
shelly@nordstadjugend.lu

Patrick Pimentel
Tel.: +352 691 80 91 45
patrick@nordstadjugend.lu

Oder
schreiw eis
op WhatsApp

SCAN HERE

Komm an eis
WhatsApp grupp, fir an
Zukunft näischt ze verpassen

REGIONALE JUGEND SERVICE

NOJU.LU

Gabrielle KOX
Educatrice Gardane

7, Avenue de la gare L-9233 Breinert

M. +352 691 80 91 77
M. gabrielle@nordstadjugend.lu | nordstadjugend.lu

REGIONALE JUGEND SERVICE

NOJU.LU

Wat kënnen mir de Jonken ubidden?

Genausou wéi an de Jugendhaiser zu Dikrech, Ettelbréck oder Bissen bidde mir eng ganz Rei u flotten Aktivitéiten, Projeten a Kolonien un, déi aktiv vun de Jonke kënnen, a souguer solle matgestalt ginn.

Falls du als Jonken interesséiert bass, awer net eleng komme wëlls, da bréng gär den deng Kollege mat.

Eis Angeboter sinn nämlech op vir all Jonken tëscht 11 a 26 Joer.

Donieft bidde mir awer och eng Plaz vir:

- sech mat Kollegen ze treffen
- ze schwätzen, sech ze informéieren oder och Froen ze stellen
- eppes ze spillen
- oder och einfach nëmmen ze chillen

Dofir hu mir d'Raimlechkeete vum „Härenhaus“ all zweete Freiden bis 21h00 zur Verfügung vir en Treffpunkt ze erméiglechen.

Wann dir eis gesitt zu Bettenduerf, da schwätzt eis gär un. Mir freeën eis drop iech kennenzelieren.



WEIDER INFORMATIUNE
FANNT DIR OP EISER
INTERNETSÄIT ËNNERT
WWW.NOJU.LU.

Instagram: @NORDSTADJUGEND
Facebook: NORDSTADJUGEND ASBL



AUSTRALIER LANDEN ZU BETTENDUERF

Heiansdo bréngt de Wand Besuch aus ganz onerwaarte Richtungen – dës Kéier direkt aus Australien! Ufanks Oktober koum op eemol eng Noriicht op den Handy vum Paramoteur-Club: „Hi Ray, the sky diving company gave me your number. We are three Australians on a charity mission to Ukraine... Would it be possible to land at your site tomorrow morning?“

Dräi Australier – Tim Rowlinson, Gary Bell an Nathan Ward – waren ënnerwee op enger aussergewöhnlecher Rees: vun England bis un d'Grenz vun der Ukrain, fir Spenden ze sammelen. D'Sue sollen un zwou Hëllefinitiiven am Krichsgebitt goen – eng Zoppekichen zu Charkiw an e Rettungswon, dee laut hirer Ukënnegung an der Ukrain zum Asaz kënt.

Fréi moies si se zu Cerfontaine (B) gestart, mam Zil, géint zéng Auer zu Bettenduerf ze landen. A wierklech – kuerz virun néng Auer sinn déi dräi mat hire Paramotoren iwwer dem Ourdall opgedaucht. En onvergessleche Moment: dat liicht Brummen an der Loft, déi faarweg Schiermer iwwer de Felder, an dann déi douce Landung op eisem Terrain.

D'Freed war grous, wéi se sécher gelant waren. No enger härezecher Begréissung hu mir natierlech nach e bëssen „gepotert“ – eng bis zwou Stonnen um Bierg, bei schéinem Wieder a gudder Stëmmung. Duerno si mir zesumme bis op Angelduerf an de Cactus gefuer, fir eng Taass Kaffi ze drénken an de Proviatrucksack ze fëllen. Mëttes hunn se um Camping „Um Wiert“ beim Yves eng Plaz fonnt, wou se sech e bëssen erhuele konnten.

Owes hu mir eis nach eng Kéier do getraff, e puer Pätt gedronk a vill gelaacht. Wéi mir eis spéider Äddi gesot hunn, war kee ganz sécher, ob se moies tatsächlech wéinst dem Wieder kéinte fortfléien. Mee wéi ech um sechs Auer moies op d'App gekuckt hunn, hunn ech gesinn, datt se schonn zanter fënnef Auer an der Loft waren – ënnerwee Richtung Däitschland, bei eis Kollege vum „Gleitschirmjäger Saar-Club“ zu Lebach.

Wie wëll, kann d'Rees vun den dräi Abenteurer op Facebook matverfollegen – mat villen Videoen, Fotoen an Anekdoten. Fir eis als Paramoteur Club Lëtzebuerg a fir d'Gemeng Bettenduerf war et eng grous Freed an Éier, e klenge Bestanddeel vun dëser aussergewöhnlecher Geschicht ze sinn.

Zum Ofschloss hunn d'Australier eis nach dës zwou Noriichte geschéckt:
Tim Rowlinson: „What a welcome we received – the best ever! Thanks Ray.“
Gary Bell: „Thank you, my friend 🙌👍 I hope to fly with you in Australia soon!!! You would be most welcome in my humble home.“

Esou ass Bettenduerf fir e klenge Moment zum Landeplaz vun engem grouse Stéck Geschicht ginn – an zu enger klenger Bréck tëscht Lëtzebuerg an Australien. 🙌🌍✈️

- Paramoteur Club Luxembourg

CLUB NORDSTAD AKTIV+

Un club, des rencontres, une énergie commune

Le Club Nordstad Aktiv+ s'inscrit dans une mission plus globale : améliorer la qualité de vie, renforcer la cohésion sociale et encourager la participation citoyenne dans la région des 9 communes partenaires.

Chaque initiative repose sur une approche inclusive et bienveillante. Notre équipe met un point d'honneur à garantir l'accessibilité de toutes nos activités, à valoriser les différences et à favoriser des échanges constructifs et enrichissants.

Le Club s'adresse en priorité aux personnes approchant de la retraite ou déjà retraitées. Toutefois, il reste ouvert à toutes les générations afin de promouvoir les échanges intergénérationnels et de renforcer l'intégration des individus issus de divers horizons.

- Accompagner la transition de la vie active à la retraite
- Prévenir et réduire l'isolement social
- Promouvoir une hygiène de vie et une qualité de vie durables
- Encourager le développement personnel et la transmission des connaissances
- Assurer une accessibilité universelle
- Favoriser les échanges entre générations et cultures
- Consolider le travail en réseau et les synergies locales

En 2025, dans la continuité des actions menées en 2024, nous poursuivons notre engagement en tenant compte des évolutions sociétales afin de répondre avec pertinence aux besoins de notre public cible. Nos priorités demeurent : Un exemple marquant de cette dynamique collective a été notre fête de barbecue organisée à la commune de Bettendorf. Cet événement, véritable réussite, a permis de réunir de nombreux participants autour d'un moment convivial, favorisant les rencontres, le partage et la joie de vivre ensemble.

Au Club Nordstad Aktiv+, chaque sourire rapproche, chaque activité rassemble, chaque instant compte.



SENIORE- KOMMISSION

D'Seniorekommission war och ganz aktiv dëst Joer.

Treffen mam NordstadAktiv+

Den 11. Mäerz hate si den NordstadAktiv+ vun Ettelbréck op eng Visite invitéiert, déi beim Gaart an Heem am Porsall stattfonnt huet. Dëst war eng ganz informativ Réunioun, wou och vill Leit interesséiert waren.

Shopping zu Tréier

De 27. Mäerz si si mat de Senioren op d'Tréier shoppe gefuer. Dëst ass och ëmmer eng ganz beléift Aktivitéit, wou vill Senioren dovun profitieren.

Sécherheet fir Senioren

Den 10. Juni hate si zesumme mat Gaart an Heem ee Virtrag iwwer d'Sécherheet fir d'Senioren organiséiert. Well et zu eiser Zäit ëmmer méi wichteg gëtt gutt informéiert ze sinn, a sech selwer virun Onéierlechen ze schützen, war dëst ee wichtige Moment nei Informatiounen ze kréie fir op sech an säin Ëmfeld opzepassen.

Visite beim Tricentenaire & Senioreniessen

De 7. Oktober ass eng Visite beim Tricentenaire zu Biissen geplangt. Um Enn vum Joer, den 22. November, ass och erëm dat säit leschtem Joer traditionellt Senioreniessen mat Gebuertsdaysfeier am Restaurant op der Gare III zu Bettenduerf.

- Christiane Schackmann

GAART AN HEEM GILSDREF UM TOUR

Treffen mam NordstadAktiv+

Den 11. Mäerz hate mir zesumme mat der Seniorekommission NordstadAktiv+ op Besuch. De 17. Mee si mir mat 30 Leit an d'Stad pilgere gefuer a duerno si mir nach ee gudde Maufel op Bettenduerf iesse gaangen.

Holland

Vum 24. bis den 29. Mee ware mir dann eng Woch an Holland ënnerwee. Dëst war ee flotten Ausflug wou mir vill gelaacht an eis a gudder Gesellschaft amuséiert hunn.

Sécherheet fir Senioren

De 17. Juni gouf vun der Seniorekommission an eisem Veräinssall ee Sécherheitsvirtrag organiséiert, deen vum Liliane virgedroe gouf.

Ofschloss-lesse

Virun der Summerpaus hate mir de 24. Juni eist Ofschloss-lesse am Restaurant "Op der Gare III" zu Bettenduerf.

Blankenberge

Enn August si mir dräi Deeg op de Blummekorso op Blankenberge gefuer. Dës Sortie huet och jidderengem gutt gefall.

Visite beim Tricentenaire

De 07. Oktober huet d'Seniorekommission mat 22 Leit eng Visite vum Tricentenaire zu Biissen gemacht. Mir ware ganz beandrockt vun der Aarbecht vun den handicapéierte Leit a mir hunn eis hire Schockela gutt schmaache gelooss.

Chrëschtmäert

Enn November ware mir d'Chrëschtmäert vu Siegburg, Bonn a Monschau besichen.

- Liliane Schuler-Schmitz

EIS SENIOREMËTTEGER 2026

13. & 27. Januar / 10. & 24. Februar / 10. & 24. Mäerz / 14. & 28. Abrëll / 12. & 26. Mee / 9. & 23. Juni / 8. & - 22. September / 13. & 27. Oktober / 10. & 24. November / 15. Dezember



D'ARDENNENOFFENSIV AN DER GEMENG BETTENDUERF

Et war September 1944. De Krich war scho véier Joer a véier Méint am Gaangen. Schon iert d'Amerikaner koume, sinn d'Fäischt zu Bettenduerf aus den Täsche geflunn, fir éischt Rechnunge ze begläichen, well an der Gemeng och däitsch-frëndlecher, där "gieler" waren. Nodeems den 9. September zu Méischtrëff Gerüchter iwwert d'Arécke vun de Befreier kurséiert sinn, hunn déi Däitsch den Dag drop d'Sprengung vun der Bréck preparéiert, awer net ausgefouert. Den 11. war et esou wäit: D'Amerikaner waren do an hunn d'Gemeng Bettenduerf mam Oste vum Land befreit. Voller Freet goufe si fir d'éischt zu Gilsdref begréisst, wat bis op Bettenduerf ze héiere war. Kuerz drop goufe si och zu Bettenduerf empfangen an am Nomëtte waren déi éischt Panzeren am Duerf. Déi Méischtrëffer haten dat matkritt an hu gewaard. Mee ëmssoss, well et koum keen; de Virmarsch ass nämlech zu Bettenduerf stoe bliwwen. Zu Méischtrëff haten d'Leit gemengt dat déi Däitsch fort wieren, mee et waren der deen Dag ëmmer erëm am Duerf an hu Beem mat Dynamit gefëllt fir d'Stroossen ze verbarrikadéieren ze kënnen. A réischt wéi zu Bettenduerf ëm Hëllef gefrot hunn, ass owes een amerikanesche Panzer op Méischtrëff komm. Well Reisdref d'Grenz tëscht den Däitschen an

den Amerikaner war an dowéinst am Raum ronderëm geschoss gouf, sinn déi meescht Awunner vun Héisdrëf a Reisdref op Bettenduerf komm. D'Amerikaner hu sech an der Gemeng Bettenduerf installéiert, Panzeren a Kanounen a Stellung bruecht, zu Bettenduerf selwer hire Stützpunkt ageriicht an d'Awunner waren der lwwerzeegung dat de Krich eriwwer wier.

Drei Méint si vergaangen oni dat d'Front weiderkomm ass. Et ass wärend där Zäit relativ roueg an den Dierfer bliwwen, och wann alt Granaten ageschloe sinn an d'Leit vu Bivels, Bëttel a Walsduerf op Gilsdref geflücht sinn.

De 16. Dezember sinn d'Awunner vun der Gemeng géint 5 Auer stënterlech duerch d'Päifen an d'Aschloe vu Granaten aus dem Schlof gerappt ginn. Schon eng gutt Woch virdrun gouf verstärkt geschoss, mee an dëser Nuecht war d'Artillerieschießerei esou staark wéi ni virdrun. D'Granate sinn ouni Paus geflunn, wouropshin d'Leit zu Bettenduerf a Méischtrëff an d'Kellere gaange sinn; zu Gilsdref réischt zwee Deg méi spéit. Dat war zu Bettenduerf awer net evident, well net all Keller sécher war a vill Haiser guer kee Keller haten. Esou ware méi Familien an engem

Keller an eng 40 Leit waren am Silo vun der Millen ënnerbruecht. An der Nuecht op de 17. kruten déi Méischtrëffer den Uerder dat keen d'Duerf verlossen dierft, well déi ganz Nuecht geschoss sollt ginn an am Dag kruten d'Leit am Radio mat, dat déi Däitsch Offensiv, also d'Ardennenoffensiv, ugefaangen hätt.

Den eigentlechen Ugrëff hu et den 18. Dezember duerch ee massivt Bombardement ugefaangen. Duerch Brandgranaten sinn zu Bettenduerf am ganzen Duerf vill Haiser getraff ginn a si verbrannt. D'amerikanesch Zaldoten hu kuerzerhand Bettenduerf a Gilsdref Richtung Steeë verlooss. Fir hir Flucht ze decken, hu si an der Nuecht op den 19. zu Bettenduerf a Gilsdref jeeeweils ee Bou vun der Bréck gesprengt, woubäi béid Béi nach iwwert ee schmuel Stéck weiderhi passéierbar waren. Obwuel déi Däitsch schon an der Selz an op der Blesbréck waren, haten d'Gilsdref Awunner nach eng Chance fir hir Saachen ze paken an d'Duerf ze verlossen; just 23 Leit sinn zrëckbliwwen. Zu Bettenduerf war dat net méi méiglech, obwuel puer Familien awer nach fortgoe konnten; déi aner hunn am Keller musse bliwen. Zu Méischtrëff haten eng Rei Leit hir Saache scho gepak a wollten d'Duerf mat den Amerikaner verlossen, déi vu Reisdref koumen an op Bettenduerf goe wollten. Mee et war ze spéit, et ass kee méi fort komm. Déi Däitsch hate Méischtrëff ëmgaangen a Bettenduerf besat, esou dat déi Méischtrëffer agekesselt waren. An der Nuecht gouf zu Bettenduerf an den Haiser vill vun den Däitschen zerstéiert, geklaut, an iwwert de Bierg Richtung Däitschland fortgeschleeft. Zäitgläich sinn déi éischt Däitsch zu Méischtrëff ukomm an hunn d'Duerf besat.

Zu Gilsdref waren déi éischt réischt den 20. Dezember an hunn den Dag drop och do d'Haiser geplëmmt an d'Saache mat Autoen an Däitschland bruecht. Wärenddeem hunn d'Amerikaner een Ugrëff op Gilsdref vu Steeën aus preparéiert. Den 22. gouf och d'Bréck zu Méischtrëff gesprengt an den 23. si Panzeren an enger Steekaul zu Gilsdref opgestallt ginn. Op Hellegowend waren d'Amerikaner erëm zu



DEN EIGENTLECHEN UGRËFF HU ET DEN 18. DEZEMBER DUERCH EE MASSIVT BOMBARDEMENT UGEFAANGEN.

DUERCH BRANDGRANATEN SINN ZU BETTENDUERF AM GANZEN DUERF VILL HAISER GETRAFF GINN A SI VERBRANNT.

BETTENDORF



Méischrëff a sinn zu Gilsdref mat Panzeren fir een Ugrëff an d'Duerf gefuer. Déi Däitsch sinn dorop iwwer d'Bréck geflücht, déi si spéider an der Nuecht ganz gesprengt hunn. De Beschoss ass och zu Méischrëff weidergaangen, wou d'Frontlinn duerch d'Duerf verlaf ass: D'Duerf selwer loung op der amerikanescher Säit an den Deel vun der Millen déi aner Säit vun der Sauer op der däitscher. Zu Bettenduerf war et emgedréint, do loung d'Duerf op der däitscher Säit. Well déi Däitsch sech op d'Duerf selwer konzentréiert haten, war d'Säit vun der Gare bis Chrëschttag Niemandsländ. Wéi si Wand vum

Den 2. Januar 1945 hunn d'Amerikaner den Awunner vu Méischrëff op hiner Säit den Uerder fir d'Evakuatioun ginn, esou dat si ze Fouss an d'Keiweibaach gaange sinn, vu wou aus d'Rees op Camionen Richtung Süden weidergaangen ass, wou si verdeelt goufen an zwee Méint bliwwen sinn. Den 9. Januar ass et den Amerikaner gelongen eng éischte Kéier zu Bettenduerf iwwer d'Sauer ze goen a puer däitsch Zaldoten ze verhaften an ze verhéieren. An der éischter Hallschent Januar gouf een drëtze Brécke-Bou zu Bettenduerf gesprengt a kuerz duerno sollten d'Bettenduerfer an Däitschland evakuéiert ginn,

esou dat déi fënnf Wochen am Keller een Enn kruten. Dee selwechten Dag gouf zu Gilsdref eng Eisebunnsbréck iwwer d'Sauer gebaut, nodeems eng Schlauchbréck zwee Deeg virdrun duerch feindlech Granaten zerstéiert gouf.

Mam Réckzoch vun den Däitschen ass d'Front ëmmer méi wäit vu Bettenduerf fort geréckelt an Enn Januar bis Ufank Februar sinn déi éischt Gilsdref'er erëm Heem komm, wat zu deem Zäitpunkt nach streng verbuede war. Am Mäerz sinn déi meescht Awunner erëm zrëck an hir Heemecht komm. D'Leit haten näischt méi an hunn hiert Doheem erëm mussen opbauen. De Krich war zu Bettenduerf eriwwe an huet déif Spueren an den Dierfer an och an de Familien hannerlooss.



amerikaneschen Ugrëff kruten, hu si een zweete Bou vun der Bréck gesprengt. Op Chrëschttag kruten d'Leit zu Méischrëff op der däitscher Säit den Uerder fir d'Duerf innerhalb vun 20 Minutten ze verloossen, oder si géife soss erschoss ginn. Déi meescht hu gefollegt a sinn op Bettenduerf gaangen, wou si wochelaang Schutz am Silo vun der Mille fonnt hunn; verschidder sinn awer an hirem Keller bliwwen. Den Dag drop war Méischrëff erëm fest an der Hand vun den Amerikaner. De 27. hu si sech rëm aus Gilsdref zrëckgezunn, esou dat Gilsdref een Niemandsländ gouf, dat Dag fir Dag Granaten ausgesat war. Et koumen dräi schrecklech Woche fir d'Awunner vun der Gemeng, wou verschidde Matmënschen vu Granate(splinter) blesséiert oder déidlech getraff goufen. Och d'Zerstéierung sinn ëmmer méi grouss ginn, wou praktesch keen Haus verschount gouf. Dem heftegen amerikaneschen Artilleriefeier hat de Feind wéineg entgéint ze wirken.

well een Ugrëff vun den Amerikaner ëmmer méi wahrscheinlech ginn ass. Mee d'Awunner hu sech den Däitsche widdersat a sinn am Duerf bliwwen. Nodeems d'Kléck de 14. Januar vun den Amerikaner vum Brouderbur aus beschoss gouf, sinn de 17. amerikanesch Panzeren vun Dikrech ronderëm Gilsdref a Bettenduerf opgetaucht an hu Gilsdref zwee Deeg laang beschoss. Den 18. ass d'Infanterie zu Gilsdref a Méischrëff an d'Duerf gefuer, zu Méischrëff hu si eng Pionéierbréck iwwer d'Sauer gebaut an déi Däitsch hu sech erginn. Déi Leit déi nach op der däitscher Säit vu Méischrëff ware, sinn op Jonglënster bruecht ginn. Ouni ee Schoss mussen ofzeginn konnte si och Bettenduerf an der Nuecht op den 19. Januar besetzen, well sech déi Däitsch bedéngungslos erginn haten. Kuerz drop hu si och zu Bettenduerf ënnerhalb vun der Millen eng Bréck gebaut, iwwer déi Kranker a Blesséierter an d'Stad an d'Klinik bruecht goufen. Den 21. Januar goufen d'Awunner vu Bettenduerf och op Jonglënster evakuéiert,

BUCH 200 JOER GEMENG BETTENDUERF

2027 kritt d'Gemeng Bettenduerf 200 Joer an dofir sinn ech am Gaangen ee Buch zesummen ze stellen. Et gëtt kee classescht Geschichtsbuch, mee ee Fotobuch a véier Sproochen (Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch) mat ronn 400 Säiten mat ville flotte Fotoen an engem grouse Format aus der ganzer Gemeng vum Ufank bis haut. Dobei gëtt déi ganz Bandbreet un Themen ofgedeckt: Vu Panoramafotoen an Duerfusiichten iwwer d'Veräiner an d'Fester bis hin zu de Caféen an de Betriiber. Et kommen eng Rei bekannte Fotoen an d'Buch, mee haaptsächlech Fotoen, déi nach a kengem Buch verëffentlecht sinn.

Dofir brauch ech Är Hëllef. Dir hutt al oder méi rezent Fotoen oder Postkaarten? Da kënn Dir mech ganz gäre kontaktéieren.

Fir ze wëssen, wéi vill Bicher ongeféier gedréckt mussen ginn, kënn Dir lech och melden. Wann Dir un engem oder méi Exemplairen interesséiert sidd, kënn Dir mir dëst gären iwwer den Online-Formulaire op www.bettenduerf-engzaitrees.lu, per Email oder Telefon matdeelen.





TELEFON : 621 702 337
EMAIL : TOMPOECKER@YAHOO.DE

MERCI FIR ÄR ËNNERSTËTZUNG
- TOM POECKER



FAUNA A FLORA

Fotoe vum Marc Bettendorf



DE SCHLOPI

SCHOULRUBRIK



SCHULFEST

„Summer of your dreams“

Am 14. Juli 2025 fand das Schulfest „Summer of your dreams“ der **Bettendorfer Grundschule** in Gilsdorf statt.

Dieses Fest wurde in einer Arbeitsgruppe von einigen Zyklus 4 Schülern und der Lehrerin Patrice Karier geplant und in Zusammenarbeit mit den Gemeindearbeitern und der Elternvereinigung umgesetzt.

Den Schülern der Zyklen 1, 2 und 3 wurden am Morgen unterschiedliche **Ateliers** angeboten. Es waren insgesamt 5 Stück: Videoschnitt, Kunst, Theater, Kahoot und Experimente. Auf der großen Wiese neben der Schule standen auch Hüpfburgen, auf denen die Kinder sich zwischendurch austoben durften. Zusätzlich hat der **Zauberkünstler** Christian Lavey fantastische Zaubertricks vorgeführt und der Artist Chris Miller den kleinsten Kindern **Zirkuskunststücke** beigebracht.

Am Nachmittag ging es dann mit den Aufführungen **auf der Bühne** der Turnhalle weiter. Am Anfang sind die Schüler des Zyklus 3 aufgetreten. Sie haben einen Cupsong gemeinsam vorgeführt.



DIE SCHÜLER NAHMEN AN UNTERSCHIEDLICHEN ATELIERS TEIL.



Als Nächstes war es an den einzelnen Klassen des Zyklus 4. Jede hat eine Zirkus- und Akrobatikshow gezeigt, die vier Wochen lang mit Hilfe von Chris Miller eingeübt wurde.

Danach haben die Kleinsten weitergemacht. Die Zyklus 1 Schüler haben zu einem Lied über das Farbmonster gesungen und getanzt. Auch die Kinder des Zyklus 2 haben gesungen, nämlich „Wenn der Sommer kommt“ und zu „Can't stop the feeling“ getanzt.

Zum Abschluss hat die Elternvereinigung Facepainting angeboten und sie hat auch für Getränke und Essen gesorgt.

Es war ein sehr schönes und amüsantes Fest am **Ende des Schuljahres**.

Im Namen aller Schüler möchten wir uns bei jedem bedanken der uns bei der Planung und der Umsetzung unseres Schulfestes geholfen hat.

- Ella Kisch und Pete de Kroon

ZIRKUS- UND AKROBATIKSHOW



	1	4		5	
2		5	1	3	
		3		6	
	4		3		
	5	1	6		3
	3		5	4	

SUDOKU

Fülle das Gitter so aus, dass in jeder Zeile, jeder Spalte und jedem 2x3-Feld die Zahlen von 1 bis 6 ohne Wiederholungen stehen.

Remplis la grille de sorte que dans chaque ligne, chaque colonne et chaque case de 2x3, les chiffres de 1 à 6 soient présents sans répétitions.

SUCHSEL

A	G	V	M	Z	A	U	B	E	R	T	R	I	C	K
U	U	K	R	O	S	W	N	J	M	B	D	S	I	J
U	O	I	I	S	C	A	Z	Y	S	O	M	U	K	G
M	M	T	Z	N	H	J	H	U	U	O	Y	X	S	A
Q	O	T	I	D	U	G	W	B	H	S	S	V	E	G
M	L	J	R	K	L	J	M	G	M	M	M	G	E	E
Z	T	I	K	N	F	S	O	M	M	E	R	A	L	M
D	T	F	U	O	E	P	M	P	Z	L	L	N	G	K
E	H	B	S	R	S	C	Y	U	E	N	N	G	R	B
I	E	A	I	B	T	K	C	Q	K	H	P	N	V	E
E	A	D	R	I	A	Q	T	A	U	C	R	B	M	S
W	T	M	K	U	N	S	T	S	P	A	U	L	K	H
V	E	Q	D	V	H	X	Z	S	H	B	Ü	H	N	E
I	R	E	E	C	J	S	V	N	M	Z	B	S	E	V
G	Z	A	K	R	O	B	A	T	I	K	Z	B	M	T

Fann folgend Wieder am Tableau / Trouve les mots dans la grille:
Zaubertrick - Kunst - Schulfest - Theater - Sommer - Zirkus - Bühne - Akrobatik




AUSMALBILD
ZIRKUS

AGENDA 2025

DEZEMBER


13	Chrëschtconcert Eglise Bettendorf Pompjees-Musik Bettenduerf
17	Conseil Communal - séance publique 17h15
21	Tour duerch d'Duerf Bettendorf Pompjees-Musik Bettenduerf



Méi Informatiounen zu eisen Eventer fann dir op eisem Site bettendorf.lu

Vous trouverez plus d'informations concernant nos événements sur notre site bettendorf.lu

DU BASS SELBSTÄNNEG ODER HUES E BETRIIB AN DER GEMENG?



De Schloper bitt dir d'Méiglechkeet deng Entreprise oder däi Service ze presentéieren! Fir matzemaachen, scann einfach dëse QR-Code a fëll de Formulär aus. Mir kontaktéieren dech dann.

Le Schloper t'offre la possibilité de présenter ton entreprise ou ton service ! Pour participer, il suffit de scanner ce code QR et de remplir le formulaire. Nous te recontacterons ensuite.

Link: neon.ly/Schloper-Entreprises

Weis eis däin Duerf!


Schéck eis deng Impressiounen déi mir ggf. op de soziale Medien oder am Schloper publizéieren kënnen! Vergiesst net op de soziale Medien de Post « public » ze maachen.

Fais-nous découvrir ton village!

Partage avec nous tes impressions, et nous les publierons peut-être sur les réseaux sociaux ou dans le Schloper ! N'oublie pas de mettre ta publication en mode « public » sur les réseaux sociaux.

Show us your town!

Share your impressions with us, and we might publish them on social media or in the Schloper! Don't forget to set your post to « public » in social media.



#SCHLOPER
bulletin@bettendorf.lu

CONTACT

ADMINISTRATION COMMUNALE

T. 281 254 | F. 281 254 299
1, Rue Neuve, L-9353 Bettendorf
www.bettendorf.lu

COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

MERGEN Patrick, bourgmestre
patrick.mergen@bettendorf.lu

DERNEDEN Andy, échevin
andy.derneden@bettendorf.lu

VAZ DO RIO José, échevin
jose.vazdorio@bettendorf.lu

SECRÉTARIAT

SCHLECHTER Mireille, secrétaire communale
T. 281 254 215 | mireille.schlechter@bettendorf.lu

RICHARTZ Dana, rédacteur
T. 281 254 207 | dana.richartz@bettendorf.lu

DALVECCHIO Luca, expéditionnaire stagiaire
T. 281 254 213 | luca.dalvecchio@bettendorf.lu

BEMTGEN Eric, rédacteur
T. 281 254 206 | eric.bemtgen@bettendorf.lu

SERVICE FINANCES

RICHARTZ Dana, rédacteur
T. 281 254 207 | dana.richartz@bettendorf.lu

DALVECCHIO Luca, expéditionnaire stagiaire
T. 281 254 213 | luca.dalvecchio@bettendorf.lu

SERVICE SCOLAIRE

RICHARTZ Dana, rédacteur
T. 281 254 207 | dana.richartz@bettendorf.lu

AGENT MUNICIPAL

ARAUJO David
david.araujo@bettendorf.lu

ACCUEIL / BUREAU DE LA POPULATION / ETAT CIVIL

AULLO Kelly, rédacteur
T. 281 254 204 | kelly.aullo@bettendorf.lu

WEYLAND Bruce, rédacteur stagiaire
T. 281 254 210 | bruce.weyland@bettendorf.lu

DA SILVA Steven, rédacteur stagiaire
Tél. : 281 254 200 | steven.dasilva@bettendorf.lu

RECETTE

DISTELDORFF Serge
T. 281 254 203 | recette@bettendorf.lu

SERVICE RESSOURCES HUMAINES

RUPPERT Lynn, rédacteur
T. 281 254 205 | lynn.ruppert@bettendorf.lu

DÉPARTEMENT TECHNIQUE

AACHEN Lynn, ingénieur et chef de département
T. 281 254 208 | lynn.aachen@bettendorf.lu

SERVICE SÉCURITÉ, INNOVATIONS ET PACTES

JOST Michel, ingénieur
T. 281 254 601 | michel.jost@bettendorf.lu

SERVICE URBANISME

KINNEN Manon, ingénieur-technicien
T. 281 254 214 | manon.kinnen@bettendorf.lu

SEYLER Conny, expéditionnaire technique
T. 281 254 212 | conny.seyler@bettendorf.lu

SERVICE BÂTIMENTS

WALLESCH Johannes, coordinateur
Tél. : 281 254 602 | electricien@bettendorf.lu

ZENDER Sebastian, coordinateur adjoint
Tél. : 281 254 611 | hvac@bettendorf.lu

SERVICE RÉGIE

STELMES Daniel, chef de service
T. 281 254 222 | daniel.stelmes@bettendorf.lu

WAGNER Tobi, chef de service adjoint
T. 281 254 224 | tobi.wagner@bettendorf.lu

SERVICE CUISINE ET HYGIÈNE

SAUBER Daniel, coordinateur
daniel.sauber@bettendorf.lu

HEURES D'OUVERTURE

Administration communale				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
8h00-11h30	8h00-11h30	FERMÉ	8h00-11h30	7h30-11h30
13h30-18h00	13h30-16h00	FERMÉ	13h30-16h00	13h30-16h00
Service technique				
Lundi	Mardi	Mercredi	Jeudi	Vendredi
8h00-11h30	8h00-11h30	FERMÉ	8h00-11h30	7h30-11h30
sur rdv	sur rdv	FERMÉ	sur rdv	sur rdv

EDITEUR

Gemeng Bettenduerf
D'Zeitung gëtt publizéiert ënnert der
Responsabilitéit vum Schäfferot.

REDAKTIONSOMITÉ

D'Bulletinskommissioun vun der Gemeng
Bettenduerf

MEMBEREN

Back Albert, Castiglia Pir, Hoffmann Simone,
Leuenerger David, Thommes Michèle,
Wagner Anouk, Wagner Lee

LAYOUT

Brainplug

FOTOEN

Dan Castiglia, Marc Bettendorf, Ginette
Tschiderer-Klopp, Jim Schuler, Joé Leyder,
Léierpersonal Gemeng Bettenduerf, An der
Gemeng aktiv Associatiounen, Brainplug

COVER- A QUERFORMATFOTO

©Ginette Tschiderer Klopp & ©Dan Castiglia

KONTAKT

Schéckt Är onformatéiert zesammen-
hängend Texter an Är onbearbescht Fotoen
a gudder Opléisung separat op

bulletin@bettendorf.lu

Fotoen a schlechter Opléisung oder an
engem Word Dokument ginn **net** akzeptéiert!

Redaktiounsschluss fir de nächste Schloper:
28/02/2026.

D'Artikele stinn ënnert der Verantwortung
vum jeeweilege Signataire.



PRINTED IN
LUXEMBOURG



**SCHÉI FEIERDEEG - SCHÖNE FEIERTAGE -
JOYEUSES FÊTES - HAPPY HOLIDAYS -
BOAS FESTAS**



